N°1428
Entrée le 25.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 1428 vum 24. Oktober 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Wéi an der Äntwert op d'Fro 544 en Evidenz gesat, ass den DDoS Scrubbing Center ee Krisegestiounsinstrument deen, wéi am "Plan d'Intervention d'Urgence Cyber" (PIU Cyber) definéiert, am Fall vu massiven DDoS Attacken op kritesch Infrastrukturen agesat ka gi fir esou Attacken ofzewieren.

Déi protegéiert Entitéiten sinn an éischter Linn ugehale fir selwer Protektiounsmoosnamen ze ergräifen fir sech géint DDoS Attacken ze schützen. Nëmmen am Fall wou des Moossnamen net gräifen an et zou massiven Impakter um nationalem Niveau kennt, gëtt de Scrubbing Center aktivéiert. Well de Scrubbing Center am Normalfall den Internet Trafic vun de kriteschen Infrastrukture net gesäit, kënnen op dem Niveau och keng DDoS Attacken erkannt ginn.

Duerch eng DDoS-Attack waren d'Internetsitten déi vum Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) hebergéiert ginn, wéi ënner anerem den 112.public.lu, den 23. Oktober kuerz virun der Mëttesstonn net méi erreechbar.

Cyberattacke sinn en dynamesche Prozess bei deenen d'Ugräifer reegelméisseg nei Methoden an Techniken entwéckele fir d'Sécherheetsmesuren, déi en place sinn, ze ëmgoen. Et ass eng Zort Kaz-a-Maus-spill bei deem all Säit probéiert där anerer e Schrëtt viraus ze sinn. Soubal am Domaine vun der IT-Sécherheet nei Protektiounsmechanismen entwéckelt ginn, probéieren d'Ugräifer nei Methoden ze fanne fir dës ze ëmgoen.

Dëst weist sech doduerch dass de CTIE ëmmer nees nei Tentativë vun Attacken op seng Systemer registréiert (cf. d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1179 vum 12. September 2024), bei deenen seng Mesuren awer verhënneren, dass d'Attacken en Impakt hunn.

Mat dësem Zil adaptéiert an optimiséiert de CTIE lafend déi verschidden, komplementar Protektiounsmechanismen déi en place si fir déi staatlech IT-Infrastruktur ze schützen. Hei fléissen och déi Erkenntnisser mat an, déi de CTIE wärend enger Attack iwwert d'Strategie vum Ugräifer gewënnt. Dëst war och de Fall bei den DDoS-Attacken vum 21. Mäerz an 23. Oktober 2024. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°522 vum 22. Mäerz 2024 erwäänt, ginn aus Sécherheetsgrënn keng detailléiert Informatiounen iwwert d'Mesuren déi geholl goufe genannt.

Zousätzlech goufen awer och Schrëtt ënnerholl fir d'Kapazitéite vum Scrubbing Center esou séier wéi méiglech auszebauen, esou dass an Zukunft och op dësem Niveau de defense kënne verschidden applikativ a kombinéiert DDoS Attacken ofgewiert ginn. Dës Kapazitéite stinn zousätzlech zur Verfügung fir d'Preventioun vun enger méiglecher nationaler Kris, wa bei massiven Impakter um nationalen Niveau d'Mesure de Defense vum CTIE net méi géifen duergoen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

Lëtzebuerg, den 22/11/2024.

D'Ministesch fir Digitaliséierung

(s.) Stéphanie Obertin